45. Landjugenddag zu Berbuerg am Centre Beaurepaire

Op engem wäite Wee iwwer Stroossen a Wisen, gëtt gespillt, gelaacht a sech bewisen

Usprooch vum Angèle Mersch, LLJ-Presidentin

Léiwen Här Äerzbëschof,
Léif Éieregäscht,
Léif Frënn a Membere vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren (LLJ),

Et ass fir mech eng grouss Éier, meng éischt Ried an der Funktioun vun der Nationalpresidentin vun der Lëtzebuerger Landjugend op engem Landjugenddag ze halen an Iech haut hei zu Berbuerg ze begréissen!

Wéi Dir wësst a gesitt, ass et dëst Joer un de Verantwortlechen a Membere vum regionale Landjugendgrupp Maacher, déi fir d'Organisatioun vum Landjugenddag zoustänneg sinn. Si hunn sech méintelaang vill Méi gemaach, fir dësen Dag op benevoller Basis op d'Been ze stellen. Iech erwaart e Rallye mat neie flotten Erausfuerderungen, wou d'Ekippen ***op engem wäite Wee iwwer Stroossen a Wisen*** mat Sécherheet vill spillen a laache wäerten, mee sech och beweise mussen.

Léif Leit,

Mir sinn houfreg, datt vill Jonker vun eiser Organisatioun sech staark bei eisen Aktivitéiten engagéieren, esou wéi dat haut hei zu Berbuerg de Fall ass a wéi dat och beispillsweis ufanks Abrëll beim sougenannten 2. Bauerenhaff an der Stad eng Tatsaach war. Gutt 250 Membere vun eisen Associatioune waren do um Dill an hunn hiert Bescht ginn, fir datt d'Aktioun e grousse Succès konnt ginn.

D'Zil vun dëser Veranstaltung war et, fir d'Landwirtschaft an der Gesellschaft an dat richtegt Bild ze stellen an an den Dialog mat de Konsumenten ze kommen. Dëst Joer sinn och eng Rei Schoulklassen aus der Stad matagebonne ginn, déi a verschiddenen Atelieren ageschriwwe waren an iwwer dee Wee fir d'Saach sensibiliséiert konnte ginn.

Fir d'*Foire Agricole* ginn dann deemnächst – wéi dat zënter laange Joren de Fall ass – vun eiser Säit aus déi sämtlech Grondschoulklassen an déi ënnescht Klasse vum Secondaire classique a général aus dem Land kontaktéiert, fir sech fir déi sëllechen Ateliere vun den Aussteller anzeschreiwen. Niewent der Organisatioun – wat den Accueil an d'Féierunge vun dëse Schoulklasse betrëfft – sinn eis Memberen, wéi gewinnt op deene verschiddene Stänn am Asaz, fir fir d'Wuel vun de Visiteure vun der FAE ze suergen.

Eng weider flott Editioun vum Landjugenddag, deen iwwer laang Méint a mat vill Engagement vun der LLJ Maacher organiséiert ginn ass

Vill weider Fotoen ënner www.jongbaueren.lu oder

An eiser Agenda stinn nach aner grouss Manifestatiounen, wéi de *Mähdreschercross* vun der LLJ Zenter, den *Dag vun der Kooperatioun* vun der LLJ Cliärref oder de *Jongbauerendag*. All dës Manifestatiounen, wéi och déi sëlleche Fräizäitaktivitéiten, déi an de regionale Gruppen organiséiert ginn, kënne just realiséiert ginn, well vill jonk Leit sech mat vill Engagement derhannert knéien.

Erlaabt mir deemno, fir dës Geleeënheet ze notzen an eise Memberen, déi sech iwwer d'Joer erduerch op villen Niveauen engagéieren, mäi MERCI auszeschwätzen. Ouni hir grouss Disponibilitéit an hire reegelméissegen Asaz wier d'Landjugend net dat, wat si haut ass! ***Hinnen e grousse BRAVO!***

Léif Leit,

Dëst Joer feiert eis ONG hire 60. Anniversaire. 1959 hunn de Jesuittepater Henri Spoden an den Tony Mailliet, en deemools jonke lëtzebuerger Bauer, de Grondstee vun eiser haiteger ONG geluecht. Si hunn sech mat hire Nofolger zum Zil gesat, sech fir verbessert Liewenskonditioune fir déi ländlech Bevëlkerungen a verschiddenen afrikanesche Länner anzesetzen. Dëst Zil sollt deelweis duerch den Asaz vum Iesel an der Kassin a gläichzäiteg duerch verbessert Aarbechtsmethoden um Feld erreecht ginn. Dat gëllt och nach haut a gëtt momentan a 26 Dierfer am Burkina Faso an Zesummenaarbecht mat eisem lokale Partner realiséiert.

Dir fannt méi Detailer zu dësem konkrete Projet an de weidere Realisatioune vun eiser ONG am rezenten ONG. News an op eiser Internetsäit. Do fannt Dir och weider Informatiounen zu de Manifestatiounen, déi am Kader vum Jubiläumsjoer iwwer d'Joer erduerch organiséiert ginn.

Léif Frënn a Membere vun der LLJ,

Éier ech zu de Mercie kommen, wollt ech nach drop hiweisen, datt d'Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren zesumme mat der ONG en neie Verbandsfändel an Optrag ginn huet. Dat nodeems, datt esouwuel d'LLJ, wéi och d'ONG sech en neie Logo zougeluecht hunn, déi d'Verbonnenheet vun deenen zwou Organisatiounen ënnersträiche soll. Dir kënnt eis Associatioune bei der Realisatioun vum neie Verbandsfändel doduerch ënnerstëtzen, datt Dir ***Pätter oder Giedel*** dovu gitt. Am Viraus schonn e grousse Merci!

MERCI

Éier ech d'Wuert da weiderginn, ass et fir mech wichteg, datt ech e puer Mercien ausdrécken:

- Dëst Joer ass et jo de regionale Landjugendgrupp Maacher, dee fir d'Organisatioun vun dësem Dag zoustänneg ass. Esou wëll ech dem Gilles a senger ganzer Equipe mäi Merci soen, fir hiert Engagement am Intressi vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren, a besonnesch fir d'Realisatioun vun der 45. Oplag vum Landjugenddag.
- Och dem Här Buergermeeschter Jempy Hoffmann an de Gemengeresponsable vu Berbuerg ee grousse Merci, datt si sech fir d'Duerchféierung vum Landjugenddag an der Manternacher Gemeng ausgesprach hunn.
- Dësweidere wëll ech de Ministèren an all den Organisatiounen, déi äis all Joer nees finanziell ënner d'Äerm gräifen, mäi grousse Merci ausdrécken.
- E besonnesche Merci geet un eisen Nationalaumônier Romain Richer. Hie steet ëmmer gäre mat Rot an Dot zur Säit.
- Op kee Fall wëll ech d'Chantal Heuschling, d'Jacqueline Monville an de François Glodt aus eisem Sekretariat vergiessen. Merci fir hir Aarbecht, déi si mat vill Engagement uginn.
- Mir bleift elo just nach ee Merci an dee geet un Iech all heibannen. Et ass fir mech eng grouss Freed, datt Dir erëm – oder och eventuell fir d'éischt – de Wee bei d'Landjugend fonnt hutt. Ech wënschen Iech e schéinen Dag an hoffen datt mir äis dann och dat nächst Joer op Christi-Himmelfaart, den 21. Mee 2020 bei der Landjugend Uewersauer zréckgesinn.

ECH SOEN IECH MERCI!

Thema vum 45. Landjugenddag huet sech konkretiséiert...

... esou ass vill gespillt a gelaacht an d'Gruppen hunn um Rallye alles ginn, fir sech ze beweisen